



INITIATIV LIEWENSUFANK
DEBUT DE LA VIE - BEGINNING OF LIFE

SECOND-HAND SALE

25.03.2023 · Izeg

Informationen a Konditiounen

Allgemeng Informatiounen:

Mir bidde just **1 Dësch pro Famill** un.

D'Dëscher hu verschidde Formen, sinn awer +- di selwecht Gréisst, **d'Lous entscheet wéi e Verkeefer wéi en Dësch** kritt.

1. Horaire:

De Second-Hand Verkaf dauert vun 14:00 bis 17:00 Auer.

D'Verkeefer si gebieden hire Stand **ab 13:00 Auer opzeriichten a no 17 Auer erëm ofzeriichten**, e fréizäitegt Ofriichten ass net erlaabt!

Wéinst reduzierterer Unzuel u Parkplazen op eise Site, **sinn d'Verkeefer gebieden hiren Auto, nom Auslueden, ausserhalb vum Site ze parken** – Ugrenzend Stroossen hu Parkplazen zur Verfügung.

2. Responsabilitéit:

All Vendeur ass fir säi Stand an all seng Saache responsabel. D'Initiativ Liewensufank iwwerhëlt keng Verantwortung bei Déifstall, Perten oder Vandalismus déi während dem Event kéinte passéieren.

3. Verkaafsrecommandatiounen:

D'Kannerkleeder an d'Saache solle fir Kanner am Alter tëscht 0 - 4 Joer sinn. Späreg Articlele kënnen als Bild um Dësch presentéiert ginn (Bëbbeebetter a -kummeren, ...).

Lafstillercher kënnen mer leider net unhuelen.

4. Fond de caisse/Mënz:

Denkt drun, genuch Mënz fir Är Keess dobäi ze hunn. Alternativ kënnt Dir natierlech och PayConiq dofir benotzen.

5. Annulatiounen:

sinn just bis den 21.03. um 12:00 méiglech. Wann Dir deen Dag net deelhuele kéint, gëtt et kee Remboursement.

6. Spende vun den Artikel:

Net verkaafte Saache kënnen den Dag selwer un d'"Fondation Sarah Grond" gespent ginn.